

26. FAYMONVILLE Gabriele Agnes, née le 7 décembre 1961 à St. Vith (Belgique), demeurant à Weiswampach  
 27. FERREIRA LOPES Salvador, né le 22 septembre 1978 à Dakar (Sénégal), demeurant à Differdange  
 28. FILIPOVIC Ksenija, née le 8 janvier 1972 à Siegburg (Allemagne), demeurant à Strassen  
 29. FORTES BARROS Ana Paula, née le 18 juin 1973 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap-Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette  
 30. FUCHER Marie Joséphine, née le 2 juillet 1954 à Dudelange, demeurant à Fennange

31. GAMALIEL Azra Florence, née le 15 juillet 1957 à Faisalabad (Pakistan), demeurant à Esch-sur-Alzette  
 32. GARCIA Valérie, née le 19 mai 1966 à Lyon (France), demeurant à Ernzen  
 33. GARCIA CACERES Yanilda Altagracia, née le 14 novembre 1964 à La Vega (République Dominicaine), demeurant à Esch-sur-Alzette  
 34. GOMES ROCHA Filomena, née le 25 août 1969 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap-Vert), demeurant à Dudelange  
 35. GORGIZADEH Sakinéh, née le 22 février 1959 à Guénavéh

- (Iran), demeurant à Bech-Kleinmacher  
 36. HARIS Andrea, née le 24 juillet 1978 à Budapest (Hongrie), demeurant à Sandweiler  
 37. HÉGAZY Ramadan, né le 13 novembre 1969 à Le Caire (Egypte), demeurant à Luxembourg  
 38. HIRTZ Olivia Josée Eliane, née le 10 janvier 1967 à Arlon (Belgique), demeurant à Luxembourg  
 39. HORSBURGH Karl-Heinz, né le 29 novembre 1957 à Minden (Allemagne), demeurant à Septfontaines  
 40. HOSCH Sylvia Patricia Geneviève, née le 4 octobre 1983 à Messancy (Belgique), demeurant à Esch-sur-Alzette  
 41. KNEBL Tanja, née le 2 février 1966 à Brcko (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Ettelbruck  
 42. KOHNEN Olivier Jean Ghislain Lucie, né le 11 mai 1970 à Vielsalm (Belgique), demeurant à Doncols  
 43. KRASNIQI Dervish, né le 21 janvier 1969 à Prapaqan (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Howald  
 44. LAPORTA Frédéric Marie-Louise Philippe, né le 20 décembre 1976 à Wilrijk (Belgique), demeurant à Mamer

45. ZEEB Christophe Tommy, né le 7 décembre 1978 à Nassau (Allemagne), demeurant à Strassen

Naturalisation en vue du second vote constitutionnel, demande de naturalisation basée sur l'article 7, pénultième alinéa de la loi modifiée du 22 février 1968 (circonstances exceptionnelles)

MEDIOUNI Raphaël, né le 21 janvier 1979 à Rehovot (Israël), demeurant à Luxembourg

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.50 heures)**

## JEUDI, 18 NOVEMBRE 2004

## 7<sup>e</sup> SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président  
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

### Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Communication
3. Dépôt d'une motion
4. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la récente décision de la Commission européenne de recommander l'ouverture de négociations d'adhésion de la Turquie

*(Discussion générale - Motions - Votes)*

5. Discours de M. le Président de la Chambre des Députés
6. Discours de M. Josep Borrell, Président du Parlement européen

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué.

**(Début de la séance publique à 14.30 heures)**

**M. le Président.-** Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Den Här Gesondheetsminister a Minister vun der sozialer Sécherheet freet d'Wuert.

**1. Dépôt d'un projet de loi**

**M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.-** Merci, Här President. De Grand-Duc huet mech autoriséert am Numm vun der Regierung de Projet de loi 5401 ze deponeieren, deen d'Renten an d'Pensiounen aus dem öffentlichen a private Regime an d'Onfallrenten un d'Lounentwicklung ab 1. Januar soll erlaben. Et ass eng Upassung vun 2%.

*- Projet de loi N° 5401 portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003*

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.-** Ech ginn Akt vum Dépôt vun dësem Projet de loi. De Projet gëtt un déi zoustännig Kommissiouen verwisen, fir analyséiert ze ginn.

**2. Communication**

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Défense, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 17 novembre 2004, le projet de loi N° 5400 modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1992 relative à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à des opérations pour le maintien de la paix (OMP) dans le cadre d'organisations internationales.

Den Här Jaerling huet d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Motioun. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**3. Dépôt d'une motion**

**M. Aly Jaerling (ADR).-** Här President, am Hiblèck op déi kommend Kommunalwahlen nächst Joer géif ech hei eng Motioun deponeieren, déi d'Regierung opfuerert, fir fir all neie Wieler e Wielerpass anzeféieren.

**Motion**

D'Volleksvertrieberkummer,

- sech der Wichtegkeet vun de Kommunalwahlen an dorriwwer eraus vun alle Wahle bewosst;

- beméit all neiem Wieler eng komplett Informatioun iwwer eise Wahl-system zoukommen ze loessen, an iwwert dee Wee aus hinne gutt virbereet Wieler ze maachen;

- iwwerzeegt, datt eng Unerkennung vum Aschreiwen a Wieler-lëschten an déi éischt Bedeelingung u Wahlen eng wichtig Etapp ass am Liewe vun engem Bierger, déi eng besonnesch Opmierksamkeet awer och eng Unerkennung verdéngt;

- datt dës Opmierksamkeet an Unerkennung unhand vum Ausstellle vun engem Wielerpass kann demontréiert ginn,

fuerert d'Regierung op

- e Wielerpass fir all neie Wieler anzeféieren, dat begleet vun enger optimaler Information vun all neiem Wieler iwwer eise Wahlsystem.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf, Robert Mehlen.

**M. le Président.-** Ech ginn lech Akt vum Dépôt vun der Mo-

tion, déi mer an der Presidentekonferenz kucken an dann en Datum fixéiere wäerten, wéini dass mer déi hei am Plenum debattéiere wäerten.

Fir haut de Mëttetg huet den Här Gast Gibéryen am Numm vun der Fraktioun vum ADR eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Bâitreitungsverhandlunge mat der Türkei ugefrot. D'Riedezäit ass folgendermoosse vun der Presidentekonferenz festgeluecht ginn: 15 Minutte fir d'Fraktioun vum ADR, jeeweils zéng Minutte fir déi aner Fraktiounen a 15 Minutte fir d'Regierung. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Wolter, den Här Goerens, den Här Fayot an den Här Bausch.

Vu dass mer kuerz viru véier Auer de President vum Europaparlament hei wäerten empfänken, géif ech jiddferee bidden sech strikt un d'Riedezäit ze halen, an da musse mer kucken, wéi wäit dass mer kommen, an och, wa Motiounen kommen, ob mer déi haut nach diskutéieren oder ob mer déi gegebenenfalls spéider musse kucken.

D'Wuert huet elo den Här Jacques-Yves Henckes als Vertrieder vun der Fraktioun vum ADR. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**4. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur la récente décision de la Commission européenne de recommander l'ouverture de négociations d'adhésion de la Turquie**

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kann ee fir oder géint, enthousiatesch oder skeptesch stoen zu der Iddi, dass d'Tierkei Member gëtt an der Europäischer Unioun, mä eent ass sécher, hei geet et ém eng kapital Entscheidung fir d'Zukunft vun der Europäischer Unioun.

Eng Adhésioun vun der Tierkei an d'EU implizéiert e Choix, eng Äntwert op d'Fro: „Wat fir een Europa welle mir?“ Esou ass et iwwert dëse Choix, datt ech wëll schwätzen.

Den Artikel 49 vum Europäischen Traité seet: „Tout État européen peut demander à devenir membre de l'Union Européenne“. D'Tierkei ass net Europa! D'Tierkei ass keen europäische Stat. Dat ass wouer, geopolitesch gesinn. 5% vum nationalen Territoire vun der Tierkei sinn an Europa a 95% sinn am Mëttleren Orient. Wann d'Tierkei Member gëtt vun der EU, da sinn

d'Grenzen vun Europa Syrien, den Irak an den Iran. Dat ass net Europa, dat ass de Mëttleren Orient.

D'Fro vun de geopolitisches Grenze vun Europa ass awer eng wichteg Fro. Wa mer d'Tierkei mat an d'EU eranhuelen, da gi mer de Prinzip vun der europäischer Territorialitéit op, an dat war bis elo awer ee vun de Grondprinzipié bei der Konstruktioun vun der Europäischer Unioun. Da wësses mer net méi, wou mer mat der Erweiterung ophalen. Da gëtt et extrem schwéier fir aner net europäisch Länner glaubwürdeg zréckzeweisen.

Jiddferee kennt d'Konflikter an d'Dramen, déi sech an dësem Deel vun der Welt ofspillen. D'Analyse vun der NATO weisen aus, dass zwielef vun deene geféierlechste Konflikter an der Welt sech am imidiaten Émfeld vun der Tierkei ofspillen. Europa soll do mat-schwätzen. Europa spilt an dëser Region net déi Roll, déi et soll. Mä Europa kann dat némme maachen, wann et neutral ass. Dëst wäert vill méi schwierig sinn, wann Europa Deel vum Problem gëtt, wann Europa interesséiert an engagéiert ass an all dëse Konflikter iwwer ee vu senge Memberstaten, der Tierkei.

D'Tierkei ass net Europa. Dat ass och wouer, wat d'Demokratie ugeet. An de leschten zéng Joer sinn am Kurdistan dausende vun Dierfer zerstéiert an d'Bevölkerung verdrivwe ginn. Dëi kurdesch Fro ass en deeglechen Drama an dëser Region. D'Fro vun der Unerkennung an der Veraarbechtung vum Völkermord um armenesche Vollek bleift. D'Fro vun Zypern an der militärescher Besetzung vun engem Deel vun dëser Insel bleift.

Wann d'Tierkei bis Vollmember an der EU ass, kann d'EU net méi als onparteiesche Vermëttler an all dëse Froen a Konflikter optrieden, well ee vun hire Memberstaten direkt implizéiert ass.

Et gouf viru kuerzem vill iwwert dat neit tierkescht Strofgesetzbuch debattéiert. Et ass vill geschwatt ginn iwwert deen Artikel an dësem Code pénal, deen den Adultére kriminaliséiere wollt. Generell gouf sech gefreet doriwwer, dass d'EU et färderdeg bruecht huet, fir d'tierkesch Regierung ze bénien, fir dësen Artikel aus dem Strofgesetzbuch falen ze loessen. Mä keen huet gefrot, firwat dann déi tierkesch Regierung esou eng Propositioun gemaach huet. Wéi war an engem Land, wat sech als modern Demokratie verstéet, esou eng Propositioun iwwerhaapt méiglech?

Hei weisen sech esou fundamental Ennerscheeder an der Mentalitéit, dass se mat eisem Verständnis vun der Fräiheit an der Dignitéit vun eenzelne Mensch net ze vereinbara re sinn. A kee soll mengen, dass dës fundamental Ennerscheeder

an de Grondiwwerzeegungen téschent eisem Mënschebild an deem vun der islamescher Welt sech duerch Gesetzestexter iwwerwanne loessen. D'Geschicht léiert eis émmer erém, dass dat net geréit a besonnesch an esou grousse Populatiounen e Changement de mentalité praktesch net méiglech ass - ganz besonnesch, wann d'Relioun och nach do mat era-spillt.

Ech wëll hei ganz däitlech soen, dass dësen Aspekt wäit iwwert dat erausgeet, wat mir gewéinlech énner kultureller Vielfalt an Europa verstinn a souguer als ee vun den Atoue vun der europäischer Communautéit ugesinn.

Mat der kultureller Vielfalt hu mir kee Problem, mä wann et ém grondsätzlech Wälder an Iwwerzeegunge geet, déi den Zement vun der EU duerstelle mussen, dann ass d'Diversitéit keen Atout, mä e geféierleche Sprengstoff, deen een net toleréiere kann.

Dëser Deeg gouf an enger héichkaräteg besatener Diskussiounen festgestallt, dass de fundamental Ennerscheed téschent eisem Demokratieverständnis an der islamescher Mentalitéit doranner besteet, dass mir all aner Glawensbekenntnisser an Iwwerzeegungen toleréieren, an dat am Islam net de Fall ass. Do knuppen zwou Welten openeen, déi sech net matenee verdroen, an dat lésist sech och net um gesetzleche Wee aus der Welt schafen.

D'Tierkei, dat ass och de Choix vun engem Europa, dat keng Roll méi an der Weltpolitik spillet. An alle Sondagé soen déi meesche Bierger an Europa - bis zu zwee Drëttel -, dass si en Europa wëllen, dat Amerika a China riicht an d'Ae kucke kann an hinne soe kann: „Dir hutt Åre Modell, mir respektéieren deen, mä mir hunn onsen, a mir wëllen net op dee verzichten.“

An elo versteet een och, firwat d'americanesch Administratioun alles mécht, fir ons d'Erweiderung vun der EU op d'Tierkei ze imposéieren. Et gesait ee gutt, wéi wichteg et fir d'Amerikaner ass, dass Europa eng einfach Fassad vun der NATO gëtt, garantéiert duerch d'Gewiicht vun tierkesche Militär, deen der tierkescher Regierung d'politesch Richtung weist.

D'Tierkei an Europa, dat bedeut eng finanziell Belaaschtung, déi d'Capacitéit vun der EU iwwerfuerert. Dat bedeut námlech, dass Europa all Joer 28 Milliarden Euro an d'Tierkei wäert iwwerweise müssen. Et däerf ee mat Recht unhueilen, dass d'Tierkei némme wéinst de finanzielle Virdeeler an d'EU komme wëllt. 28 Milliarden Euro, dat ass méi wéi dat Duebelt, wat hau Spuenien kritt. Et ass sechs Mol méi wéi dat, wat Portugal kritt. Et ass een Drëttel vum abléckchen EU-Budget.